PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Gëschter, um 13.07.2022, hunn den Ëmweltministère an d'Waasserwirtschaftsamt e Communiqué eraus ginn, deen doriwwer informéiert, dass zu Lëtzebuerg opgrond vun den héijen Temperaturen an de feelenden Nidderschléi bis op Weideres eng "Phase de vigilance" declenchéiert gouf, déi d'Waasserkonsomatioun betrëfft. Niewent Recommandatioune fir Privatleit enthält de Communiqué och en Appel un d'Entreprisen an d'Gemenge mat de Wieder:

> **Secteur communal et professionnel:** Cet appel s'adresse également aux communes et aux entreprises, qui peuvent limiter l'utilisation de l'eau potable au strict nécessaire, notamment en optimisant l'arrosage des espaces verts, en évitant l'utilisation des nettoyeurs à haute pression, ou encore en mettant à l'arrêt les fontaines publiques.

Trotz dësem Appell konnt ee gëschter an haut an der Haaptstad awer nach gesinn, wéi de Pawee mam Hochdruckreiniger gebotzt ginn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gouf de Communiqué un d'Gemenge weidergeleet?
2. Kruten d'Gemengen iwwert de Communiqué eraus detailléiert Recommandatiounen, déi d'Waasserkonsomatioun betraff hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député